



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

Luxembourg, le **13 JUIL. 2021**

**Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec  
le Parlement**

**Service Central de Législation  
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°4427 du 7 juin 2021 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant la voie supplémentaire sur l'autoroute A6, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch  
Ministre de la Mobilité  
et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op  
d'parlamentaresch Ufro N°4427 vum 7. Juni 2021 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen  
iwwert " Voie supplémentaire sur l'autoroute A6"**

*1) Wéi soll dës Mesure konkret ëmgesat ginn? Hu mer et dono bei der A6 nach mat enger Autobunn am internationale Sënn ze dinn?*

All infrastrukturell Mesure gëtt konform zu den applizéierbaren technesche Reegelwierker ëmgesat, woubäi all Ännerungen den Ufuerderunge vun enger Autobunn entspreche mussen. Et sief an deem Zesammenhang op d'Pressekonferenz vum 6. Mee 2019 verwisen, wou d'Detailer vun dem Konzept mat den technesche Kontraint'en duergestallt sinn.

*2) Wéi eng Implikatioun wäert dës zousätzlech Fuerspurr fir Autoe mat manner wéi dräi Leit, besonnesch awer fir Police, CGDIS an Ambulanzen hunn? Sinn Auswäich-méiglechkeete virgesinn?*

Duerch eng Verbreederung vun der Standspuer, gëtt de Säiteraum vergréissert, deen et da weiderhin erméiglecht eng Rettungsgaass ze bilden an den Interventiounsgefirer erlaabt am Fall vu Stau, déi accidentéiert Gefierer ze errechen. D'Reegele vun der Rettungsgaass aus dem Code de la Route bleiwen applikabel a musse vun den Usager'en respektéiert ginn.

*3) Ass virgesinn, dës Modell och op aneren Autobunnen hei am Land anzeféieren?*

Am Hibleck op d'Strategie vun enger nohalteger Mobilitéit Modu 2.0, mat sengen Objektiv vum engem optimiséierte Benutzungsgrad vun de Gefierer op de lëtzebuergesche Stroossen a vill Persounen aplaz vu ville Gefierer ze transportéieren, soll de Covoiturage-Prinzip a Kombinatioun mat dem optimiséierte Buskonzept op den Autobunnen och op weideren Autobunnstrecken ëmgesat ginn. Mat Hëllef vun der nächster Generatioun vun der dynamescher Beschëlderung, wäert eng flexibel Spuerengestioun duerch de CITA méiglech sinn. Duerch eng dann „dynamesch Spueraffektatioun“, kann d'Affektatioun vun den eenzele Spueren dann un déi jeeweileg Verkéierssituatioun ugepasst ginn. Deementspreechend ka bei héijer Taktfrequenz a bei ville Buslinien op enger Autobunn eng Spuer exklusiv fir den ëffentlechen Transport reservéiert ginn, respektiv zu aneren Zäiten oder op anere Strecken nëmme fir de Covoiturage oder fir Camion'en (am Wanter).

*4) Ginn et Studien, déi beleeden, datt duerch esou eng zousätzlech Fuerspurr den Traffic op den Autobunnen effektiv ofhëlt?*

Säit iwwer 10 Joer huet den Autobunnresseau zu Lëtzebuerg, bedéngt duerch de Pendler-, Transit-, Vakanz- a Lokalverkéier zu de Spëttestonnen d'Saturatioun erreicht. All Mesure, déi zu enger Verflëssegung vum Verkéier féiert, sief dat d'Pilot-Projet'en vun der Zoufaartsdoséierung op der Areler-Autobunn, d'Modulatioun vun der Vitess op der Areler-Autobunn an eben och en Covoiturage hëlleff fir d'Stausituatioun op de lëtzebuergeschen Autobunnen anzedämmen. Et ginn effektiv och Studien zu dësem Thema, déi all Facettë vun dem Konzept belichten. Duerch déi komplett ënnerschiddlech Approchë vun den eenzele Länner, mat Standspuernotzung, Normal- oder lwwerhuelspuernotzung, komplett separate Spueren, net zu 100% iwwerwaachte Sektionen, statescher oder dynamescher Signalisatioun a Reglementatioun, ganz verschiddene Kategorië vun Notzer (2+, 3+, Taxi, Moto, Bus, etc.), ass et awer schwéier e Verglach ze zéien. Et kann een awer haut soen, dass sech duerch d'Schafe vun esou Spueren sech längerfristeg eng Verhalensännerung nëmme dann astellt, wann d'Konzept um Terrain konsequent iwwerwaacht gëtt.